



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Ufro n°5437 vum 24. Dezember 2021 vum honorabelen Här Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert den Archivage vun de Pressekonferenze vun der Regierung.

Ad 1)

Wéi de Numm e seet riichten d'Pressekonferenzen sech an éischer Linn un d'Vertrieder vun der Press.

Wann d'Aktualitéit, respektiv de Sujet, et verlaangen, ginn déi Pressekonferenzen „live“ iwwerdren. Dëst erlaabt et de Vertrieder vun der Presse och à distance Pressekonferenzen ze suivieren an hirer Aarbecht no kënnen ze kommen an férdert esou den Accès zur Informatioun – virun allem an der aktueller sanitärer Situatioun. Gläichzäiteg erlaabt et och dass d'Bierger schnellstméiglech d'Informatiounen kréien wann d'Situatioun et verlaangt.

Et ass all Minstère selwer dee seng Pressekonferenzen organiséiert a soumat och d'Modalitéite festleet, inklusiv de Choix, ob eng Pressekonferenz soll live iwwerdre ginn oder net. Wann dat de Fall ass, an de SIP gëtt mat der Organisatioun vun der Konferenz beoptraagt, dann gëtt gläichzäiteg zur Iwwerdroung och en digitalen Video erstallt.

Fir dës Pressekonferenzen déi de SIP organiséiert, gëtt op een oder zwee vun am Ganzen véier verschidden privat Entreprises zeréckgegraff fir den technesche Volet vun der Iwwerdroung ze garantéieren, grad wéi déi eventuell simultan Iwwersetzung. De SIP publizéiert de Video vun dese Pressekonferenzen dann op dem offiziellen Internetsite vun der Regierung, www.gouvernement.lu, an och op dem Youtubekanal vun der Regierung. D'Videosignal kann och zäitweileg RTL Tele zur Verfügung gestallt ginn, wann déi dat wënscht. Dës weidere gëtt och nach eng Kopie dovun beim SIP ofgespäichert an spéiderhin, sou wéi am „Tableau de tri“ vum SIP virgesinn, un de CNA iwwerdren fir langzäitarchivéiert ze ginn.

Et gëtt keng spezifesch rechtlech Basis, dëst geschitt am Kader vun der Informatioun vun der Press an de Bierger, vun der Transparenz an der Sensibiliséierung.

Hei drënner d'Joresbudgeten vun 2018 bis 2021 vun de Pressekonferenzen (verschidder goufen „direkt“ iwwerdren an gläichzäiteg opgeholl, anerer net) déi vum SIP organiséiert goufen:

2018 (no dem 05.12.2018): 0 EUR

2019: 27.455,60 EUR

2020: 369.954,79 EUR

2021: 152.141,33 EUR

Dës Ausgaben lafen iwwert den Artikel 004.12340 « Journaux et périodiques; frais d'impression et de publication; documentation; promotion de l'image de marque du Grand-Duché de Luxembourg; frais d'études et dépenses diverses ».

Ad 2)

Déi Pressekonferenzen vun der aktueller Regierung déi vum SIP opgeholl goufen, sinn an der Rubrik „Noriichten“ um Internetsite vun der Regierung www.gouvernement.lu an op hirem Youtubekanal ze fannen. Vu Mëtt Januar 2022 un ginn déi Videoen op enger eegener Säit um Site vun der Regierung opgeléicht.

Ad 3)

Den „Tableau de tri“ vum SIP gesäit vir dass d'Videoen no engem Joer un de CNA geliwwert ginn. Den 22. November 2021 gouf eng éischt Liwwerung vun all den Videoen vun de Pressekonferenzen vun 2014 bis 2020 gemaach. Um Site an um Youtubekanal vun der Regierung bleiwen d'Videoen vun 2018 un weiderhin zougänglech.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL